Réunion 04/2025

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 15.05.2025**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.30 H |
| Début de la réunion | 19.30 H |
| Invités | |

## Ordre du jour :

1. Debriefing Atelier 2 Tonnes
2. Debriefing Grouss Botz
3. Afterwork – Gardeblogger an eventuell Aktioun mat der Gemeng
4. Debrief Avis Subside Couches bébés
5. Borrigs Schlass

## ***1. Debriefing Atelier 2 Tonnes***

Den 2ten Abrëll hate mer den Atelier 2 Tonnes gemach.

D'Fro stellt sech op een net soll kuken, dat Lait déi sech soss an der Gemeng engagéiren, den Atelier nach eng Kéier géife proposéiert kréien wann [redacted], oder een anren deen den Aterlier ka man, Loscht huet.

De [redacted] proposéiert dat eventuell fir an de Schoulen ze man, dat kéint ee mat an Schoulkomissioun huelen. Fird'éischt dann eventuell Fresque du climat an dann weider mam Atelier 2 Tonnes. Et gëtt och scho Schoulpersonal anscheinend déi d'Formatioun hun fir den Atelier kënnen ze man.

## ***2. Debriefing Grouss Botz***

Dëst Joer nach méi Succès wéi d'lescht Joer, 224 Lait di dobei waren, 214 extern Lait.

Lues Ugang, an dun zum Schluss nach relativ Lait ugemellt.
18 Verainer, 33 Ekippe, eng Gemengekomissioun, an och privat Lait déi als Famill koumen.

Dat grousst Zelt mat den 2 Grillen war gut, mer hate genuch z'iessen. Pëtzen waren der genuch, se sin och all remkomm.

Dat mat de Point collecten huet besser geklappt, Plaatze waren am Firfeld définéiert, an déi di se op aner Plaatze gestallt hun, hun direkt Bescheed gesot.

Em di 140 Lait sin dono remkomm um 12.00 fir den Ofschloss.

Vill Thuringer waren iwereg, do kann ee fleicht kuken der nächst Joer net grad su fill ze bestellen.

## ***3. Afterwork- Gardeblogger an eventuell Aktioun mat der Gemeng***

[redacted] hätt op alle Fall Loscht sou eppes ze machen, d'Fro stellt sech lo nach sous quelle Forme. A discuter, och en Fonctioun dovun op hat daat am Kader vu sénge Schaffstonnen oder net géif machen, oder kënne machen.

Et keint een et éventuell verbannen mat der Idee fir d'Ennerhalt vun de klenge Beem aus der Gemeng zb.

## ***4. Debrief Avis Subside Couches bébés***

Nach net um ODJ vum Gemengerot. Et soll awer a priori firum Summer geschéihen.

Mir kennen awer [redacted] froen lo mol onofhängeg dovun fir déi Présentatioun mol ze halen. Mir géifen dann eng Demande man beim Schäfferot fir dee Budget.

Et muss just kloer sin dat kee Produit verkaft gëtt.

## 5. Borrigs Schlass

Dëst Joer sollt de Park aménagéiert gin. Do misst och lo bei den Arbeschte besser opgepasst gin. Do soll eng spezifesch Firma engagéiert gin. [redacted] schekt dem [redacted] eng Lëscht vu Firma'en déi dat kéinten iwerhuelen fir dat daat professionnel gemach gëtt.

## 6. Divers

Wat lo interessant ass dat gëtt ze kuke mat de Poubellen, lo wou Taxen an d'Luucht gangen sin. Sin mei Poubelle geswitched gin etc. Den [redacted] gëtt eis déi Zuele weider.

Froo ass op net epes am Policereglement ka kommen par rapport zum *littering*.

Gemengesubsiden am energetesche Renovéirungsberaich. Am Hierscht kenne mer do réagéiren, an da kuke mer mam [redacted], dat mer mam naie Reglement dann engkéier eis Posten iwerpreiwen an eis Posten dann eventuell upassen.

Vum [redacted]; Joule- Firma- spezialiséiert op Berodung am Beraich Photovoltaik, Bornen an Elektro etc.. Si hun [redacted] kontaktéiert fir ze kuken wat een zesumme kéint machen. D'Idee fir eventuell sou en Solardaach ze organiséiren, mat Firträg an Visiten etc, à discuter.

Eis nächst Réunioun ass en Mëttwoch, den 12.06.2025 um **19.30** Auer an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

Nora Dupont
Sekretärin

Jean Boden
President